Lëtzebuerg, den 2. September 2020

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an un den Här Minister fir Energie weiderzeleeden:

« Mat der Primm fir de Kaf vun engem neie Vëlo oder Pedelec, déi am Kader vun der nohalteger Relance vun eiser Wirtschaft rezent och nach verduebelt gouf, wëll d'Regierung ëmweltfrëndlech Alternativen an der Mobilitéit fërderen.

Allerdéngs kann duerch dës Primm och e falschen Ureiz entstoen, en neien elektresche Vëlo ze kafen, wa bei deem alen just d'Batterie misst gewiesselt ginn. Effektiv ass et a verschidde Situatioune finanziell méi intressant, direkt e komplett neie Pedelec ze kafen, amplaz nëmmen eng nei Batterie, wann dës net méi funktionnéiert, wat natierlech net am Sënn vun der Ressourceschounung an der Kreeslafwirtschaft ass.

Dowéinst wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Här Minister fir Energie folgend Froe stellen:

- *Ass et virgesinn, eng zousätzlech Primm ze schafen, wa Leit hir al Vëlosbatterie, déi net méi funktionnéiert, wëllen ersetzen ?*

- *Wa jo, wéi géif dës nei Primm ausgesinn ? Fir wéini kéint se agefouert ginn ?*

- *Wier et denkbar, eng änlech Primm fir déi futtis Batterie vun engem elektreschen Auto ze wiesselen anzeféieren ?*

- *Wat wieren d'Grënn, déi géint sou Primme géife schwätzen ?* »

Mat déiwem Respekt,



Max HAHN
Deputéierten